



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi rezent a verschiddenen Dageszeitungen ze liese war, gehéieren d'Lëtzebuenger Autoschaufferen zu deene "rücksichtsloosten" an Europa. Bei där Etude stellt sech opgrond vun eisem massiven Transit- a Pendlerverkéier allerdéngs d'Fro, ewéi representativ esou eng Etude am Verglach zu grouse Flächelänner ka sinn. Des Weidere stellt sech och d'Fro, ob d'Verstéiss, déi erhuewe goufen, fir déi Ausso ze begrënnen, propper erfaasst goufen. Sou ginn zum Beispill 37 Prozent vun de Leit un, grondsätzlech ënner Alkoholkonsum mam Auto ze fueren, et geet awer aus der Berichterstattung net ervir, ob déi Aussoen sech op de legalen Taux vu bis zu 0,5 Promill bezunn hunn.

D'selwecht gesäit et bei de Verstéiss géint d'Vitesslimiten aus. An engem Artikel am Lëtzebuenger Wort gëtt zum Beispill drop higewisen, datt 79 Prozent vun de Leit uginn, op der Autobunn alt emol ze séier ze fueren. Gläichzäiteg gëtt an allgemenge Wieder op dat vill bessert Resultat vun eisen däitschen Noperen higewisen, woubäi dee lo just genannte Verstouss bei hinnen op enger Rei Autobunnen awer naturgeméiss guer net virkomme kann. Aner EU-Länner kennen zwar wéi Lëtzebuerg och eng Vitesslimit op den Autobunnen, schaffe wéi Italien an Tschechien awer drun, fir déi lues a lues eropzesetzen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Ass der Madamm Minister déi Etude bekannt? Wéi reagiert si op d'Resultater a wéi bewäert si d'Representativitéit?
- 2) Huet de Verkéiersministère oder eng aner national Institutioun am Virfeld, proaktiv oder op Nofro, Donnéeën un d'Auteure vun der Etude iwermëttelt, fir, datt d'Resultater op méiglechst belaaschtbaren Informatiounen berouen?
- 3) Déi meescht Verstéiss géint d'Vitesslimit kommen der Etude no op eisen Autobunnen vir, an dat jo kaum zu Stousszäiten. Entsprecht déi flächendeckend Vitesslimit vun 130 Stonnekilometer der Madamm Minister no, nach ëmmer der Realitéit um Terrain, oder wier et un der Zäit op de Wee vu verschiddenen aneren EU-Länner ze goen, fir dës Limit op mannst zu bestëmmten Auerzäiten an/oder op bestëmmten Abschnitter eropzesetzen?
- 4) Gesäit d'Madamm Minister vir, sech mat deenen EU-Länner, déi aktuell schonn op de Wee vun enger Erhéijung vun der Vitesslimit op den Autobunnen ginn, auszetauschen a vun deenen Erfarungen ze profitéieren? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten